LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3237 vum 25. November 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabele Deputéierte thematiséiert am Kader vu senger parlamentarescher Fro ee méiglechen Ausbau vun der Péitenger Collectrice N31 op véier Spueren.

*Fro:* *Wéini wäert d'Péitenger Collectrice op 4 Spueren ausgebaut ginn?*

Dëse Projet ass am nationale Mobilitéitsplang PNM2035 virgesinn, a gëtt deemno am Kader vun der regionaler Verkéiersetüd „Kordall" thematiséiert. D'Etüden zu dësem Projet sinn am Gaangen. Nieft den technesche Froen, déi nach ze kläre bleiwen, mussen awer och all déi noutwenneg Autorisatiounen ugefrot ginn, sou wéi och d'Acquisitioun vun den Terrainen gekläert ginn.

Am aktuelle Stadium vum Projet ass et nach net méiglech, een Datum ze definéieren, wéini dëse Projet realiséiert ka ginn respektiv d'Aarbechten dozou ugefaang kënne ginn.

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes